



D'Bro'tsche'ss.

(D'Dir gêt op, d'Marie, en Nopeschmédchen, ass grad am Gâng Gezei ze falen, an den Dömmi, e Jong vun 8 Joer, kent luos eran, eng gro'ss Schmir an der Hand.)

Dömmi: Wann ech gelifft, ech hätt gèr èppes gele'nt.

Marie: A wat da, mei Jong?

Dömmi: Ja, wat dann, elo hun ech dat jo vergiëss! (Hölt en decke Maufel vu senger Schmir.)

Marie: Ooo! Huos d'et vergiëss! War et dann eso' schwe'er?

Dömmi: Ech wëss et net.

Marie: Wat mecht deng Mamm dann elo grad?

Dömmi: Sie wäscht meng Box.

Marie: Soll et da vleicht d'Wäschbîscht sin?

Dömmi: (Wénkt nèn.) Et war me' èppes Lânges.

Marie: De' lîng Bîscht mam Still?

Dömmi: Ech wëss et net me'.

Marie: Wârt, ech zielen der mol de' Sâche beim Wâschen op, dann erennerst de dech vleicht. De Bleil, d'Ble'lomp, d'Wäschbîscht, den Torchon, Petze fir d'Gezei opzehänken!

Dömmi: (Wénkt emmer nèn.)

Marie: Wat mecht deng Mamm dann nach?

Dömmi: Sie kacht d'Zopp.

Marie: War et dann èppes vun der Zopp?

Dömmi: Dèr hu mer sèlwer. Et lêft mer em de Mond, ma net dran.

Marie: Wann et eng Schmir wâr, da ge'f et och dra lafen, gèlt!

Dömmi: Elo wëss ech et erem: Et ass èppes vun der Schmir.

Marie: Aha, du häss gèr e Bro't gele'nt!

Dömmi: Nèn, kê Bro't, mè fir d'Bro't ze bâcken!

Marie: Ja, mei Jong, dat wâr jo de Bâckuowen, dén ass ower agemauert.

Dömmi: Nèn, net den Uowen, èppes fir ze bâcken!

Marie: Miehl?

Dömmi: Nèn, neischt eso', me èppes Lânges!

Marie: Ah, eng Fäsch! Huot dir da kê Holz me'?

Dömmi: Ma dach! Nèn! Ech soe jo fir ze bâcken!

- Marie:* Ass et dann eis Mull? Da konim, wanns du de' packs.
- Dömmi:* Ma nèn, ech soe jo, fir ze bâcken.
- Marie:* Ass et dann den Dèsem?
- Dömmi:* Dén ass jo net lång. Ech soe jo . . .
- Marie:* Ja, mei Jong, ech wèss do beim bèschte Wölle net was du gèr hæss.
- Dömmi:* Ech hätt awer gèr èppes. (Beisst emmer dichteg an seng Schmir.)
- Marie:* Ech ge'f dir och gèr èppes! Bedènk dech emol gutt, du fònds et vleicht erem.
- Dömmi:* Ei, elo hat ech et bal, wutsch war et erem fort.
- Marie:* Kann et da fle'en, dass et der eso' em de Kapp rënnt?
- Dömmi:* Ech mènge net. Wanns du mer et gingst weisen, da ge'f ech gleich erem wösse wat et wär.
- Marie:* Dat gléwen ech, mei Jong. We' hat den Mamm dann eigentlech gesot, we' se dech gescheckt hat?
- Dömmi:* Dömmi, huot se gesot, laf se'er a Nopesch a breng mer — — Do, elo hat ech et erem bal!
- Marie:* Ass dat dann eso' e schwe'ert Wuort?
- Dömmi:* Ech mènge jo!
- Marie:* Ass et deitsch oder franse'sch?
- Dömmi:* Dat wèss ech net.
- Marie:* Gês du schons an d'Scho'l?
- Dömmi:* 'T ass neischt aus der Scho'l.
- Marie:* Ech mènge nemen, ob's du schons an d'Scho'l gês?
- Dömmi:* Ma gewöss. Wa Vakanz get, da sin ech schon eraus.
- Marie:* Ooo!
- Dömmi:* Majo, bis s'erem ugêt.
- Marie:* De wivillte bass du dann an der Scho'l?
- Dömmi:* (Rèchent un de Fangeren.) Ech hu net Fangere genug, fir dat ze soen. Weis deng emol. (ziélt) Du huos der och net genug, fir dat ze soen.
- Marie:* A mir zwê dann zesummen?
- Dömmi:* Elo wèss ech erem gur net me' wo' ech dru sin.
- Marie:* Sin der dann eso'vill an èrer Klass?
- Dömmi:* Ojo, d'Bänke si voll!
- Marie:* Wivill Bänke sin et dann?

Dömme: Dat wëss ech och net. D'Scho'l stët voll.

Marie: Wivill setzen der dann an de Bänken?

Dömme: Ech an de Fritzi.

Marie: Ass de Fritzi dann och eso' gescheit we's du?

Dömme: Nach eng Grimmelche me' gescheit, hien ass viru mir.

Marie: Emstand, du bass dé lèschten?

Dömme: Dat ka sin. Ech so'tz awer net emmer do! Am e'schte Scho'ljoer hat ech eng aner Plätz. Du so'tze mer all me' weit vir.

Marie: Dann ass d'ganz Klass hanne kom?

Dömme: Ech mènge jo! Elo hat ech erem bal, wat ech gèr gehât hätt.

Marie: Wann et nach eng Ke'er eso' no kent, muss du de Mond gro'ss opdin, da flitt et dran.

Dömme: Meija!

Marie: Wëss de wat, Dömme. Stëll dech eng Grimmel dur an den Eck, lé d'Schmir ewèg, da kannst et mat zwo' Hän'n pàcken, wann et geflu kent, an dann dës du de Mond ganz gro'ss op.

(Den Dömme stëllt sech mat sengem dommste Gesicht bei d'Mauer, reisst de Mond op a stréckt d'Hän'n ewèg. D'Marie stët bei em a steipt d'Hän'n an d'Seit.

Dömme: Ech gesin et, ma ech kann et net soen.

Marie: Ass et dann en èllent Würt?

Dömme: Sie gin do't gemât mam Schwanz!

Marie: Ma Dömme, ech mènge du fuobelst. Eso' hu mir neischt.

Dömme: An dir huot eso' èppes fir ze sche'ssen! Ech hun et jo schons gesin.

Marie: Ech soen der jo, mir hu kèng Flent am Haus.

Dömme: (Stët nach emmer do, de Mond op.) Et ass och kèng Flent an et knàlt och net.

D'Mamm: (Sie kent eragestürmt, d'Ärem erop geströppt, weiss vum Mieh'l, grad aus der Mull.) Ma em Gotteswöllen, Dömme, da komm dach, d'Bro't lèft mer aus de Kurbelen! We' stës du Dreibîtz nammel do? Wo' ass de' Bro'tsche'ss?

Dömme: (an engem Eifer) Do, elo hun ech et erem: Er Bro'tsche'ss hätt ech gèr.

Marie: Aaaa! Eis Bro'tsche'ss! (Làcht hârt) Da kommt hurteg gelaf! (d'Mamm an d'Marie lafe viraus.)

Dömme: Do sét ê jo! Wo' konnt ech dat neme vergiëssen! Hätt ech mer dach de Knuot an d'Nuos gemât we' meng Mamm gesot hat. Do hun ech et schons erem vergiëss. Löss mech en hurteg nolafen!